Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

D'Automobiliste kréien normalerweis zwee Méint virum Oflaf vun der technescher Kontroll vun hirem Gefier e Bréif heemgeschéckt, fir si drun ze erënneren, dësen ze erneieren. Esou wéi et mir zougedroe gouf, kruten an der Lescht awer vill Leit wéinst engem Feeler am informatesche System kee Bréif méi an et koum am Kader vu Policekontrollen och schonn zu éischte Protokollen, well d'Leit sech där feelender Konformitéit net bewosst waren.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister déi Virgäng bestätegen?
2) Kënnen d'Leit, déi opgrond vun der feelender technescher Kontroll e Protokoll kruten an eventuell Punkte verluer hunn, dës zeréckfroen, well den Ursprong vum Probleem beim Staat selwer louch?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**